

# Interview mat eisem President:

## Den Duuschtii steet des Joer nees um Programm

Interview mat eisem President:

1. Gudden Moien Herr Leuck, dir sidd President vum F.C. Vinesca Ehnen, Wéi gesäit däi Bilan aus no ronn 4 Méint? Ass alles sou verlaf, wei 's du dir dat virgestallt oder erwaart has?

Den Bilan un sech vir déi 4 Méint ass ganz positiv. Sportlech mengen ech sinn mir ganz am Soll. Alles ass nei gewiescht vir Jongen, net ëmmer esou en gudden Terrain, lauter nei Spiller déi vir éischt mat eenen spillen, awer duerch déi Gudd Aarbecht vum Trainer Staff ass et bis ewell optimal verlaf.

2. Wéi ass däin Androck vun den neie Spiller?

Also Jongen hunn mech méi wei positiv iwerrascht. Sie kommen hëllef, schaffen wann eppes um Terrain ze maachen ass. Sie engagieren sech einfach! Dat haten mir schon laang net méi am Veräin.

3. Gëtt et e konkreten Objektiv fir déi nei Saison? Wat kann een vun der Ekipp erwaarden? Oder gëtt elo mol vun Match zu Match gekuckt?

Ech géif soen dat vir nächst Saison den Opstieg muss eis Ziel sinn. Mat dëser Qualitéit

vun eisem Kader ass vun Match zu Match kucken, keen Objektiv méi bei eis. Mir wëllen méi weit gesinn!!!



**4. Wat ass fir lech een Veräin?**

**Een Veräin ass vir mech, een vir den aneren an zesummen Saachen upacken. Och wann Entscheedungen geholl ginn, ginn se zesummen geholl, Bénévolat wei mir et am Moment fir liewen. Mir hunn vill Leit déi all Match do sinn vir ze hëllef, op et beim Grill ,Buvette, Linnen zeechnen oder als Offiziellen.**

**5. Preparatioun fir Réck ronn huet ugefangen? Wat ass däi perséinleche Wonsch fir déi nächst Wochen resp. fir dës Saison?**

**Jo, Préparatioun fänkt haut un, keng Verletzungen, gudd Leeschtungen um Terrain, Motivatioun an nach eng Kéier 15 Punkten an vläit mat vill Gléck areschen mir eng Barage platz am Een vun der Saison mat vläit eng positiven Een fir Equipe an den Veräin.**

**6. Dir huet eng Kooperatioun mam F.C. White Lion, wat kennt dir vun dëser Zesummenaarbecht soen?**

**Bis ewell zefridden. Dei jonk Leit probéieren sech ze integréieren an schaffen gudd mat. Géif mengen dat et fir eis, White Lion an Hesper Jugendhaus eng Win – Win Situatioun ass.**

**7. Maat den neien Sanitäresch Mesuren kennt vill Arabesch op den Veräin duer, wei kann den Veräin iwwer des schwéier Zäit goen? Wei wëllt dir dogéint steieren?**

**Ech géing mengen am Moment ass et eng schwiereg Zéit vir jiddereen, emol ofwaarden**

**8. Vill Leit froen sech op den Duschcup des Joer erëm organiséiert gëtt? Kanns du do eisen Memberen an Supporter eng Info méi soen.**

**Den Duschti steet des Joer nees um Programm , awer besser wei all déi Joeren virdrun. Och vir eis aner Manifestatiounen hunn mir schon Iddien vir eisem Public eppes ze bidden**

**Een groussen Merci , un den Super Comité , Trainer Staff , Eis Jongen, Leit déi eis hëllef , Supporter déi eis Sonndes ënnerstëtzen, Sponsoren an Gémeng Wormer**

**Allez Vinesca Ehnen**

**Leuck Claude**

**Merci fir den Interview an bis geschwenn.**